

ADR a Piraten

Vill Kritik um Groupe technique

No bal 3 Joerzénge gëtt et um Krautmaart nees e Groupe technique. D'Annonce vun enger Zesummenaarbecht tëscht ADR a Pirate schléit héich Wellen.

Vum Pit Everling (Radio)



Et geet Iech just ëm d'Suen, politesch Prinzipie geheet der iwwee Bord, kréien zemoools d'Pirate reprochéiert. Dës versécheren, datt ee politesch komplett onofhängeg géing bleiwen.

De Gast Gibéryen an de Sven Clement stelle sech net aus purer Léift virun en Altor, versécheren si allebéid. Dat Ganzt wier eng Zweckgemeinschaft tëscht zwou Sensibilitäten, fir d'Rechter vun enger Fraktioun ze kréien, notamment Stëmmrechter, e Member an der Geheimdémogschtkontrollkommissioun a méi Sue fir Personal, nämlech 90.000 Euro.

Politesch bräicht keen eppes iwwee Bord geheien a jiddereen hätt seng Meenung a politesch hätt een näischt mateneen ze dinn, et wier reng technesch, seet den ADR-Deputéierte Gast Gibéryen, deen d'Initiativ fir dës technesch Allianz ergraff hat, deen och schonn déi zwou leschte Kéieren no sou enger Zesummenaarbecht gesicht huet, bei déi Lénk awer op Granit gebass huet. Et kourm just zum Arrangement, datt ee sech géigesäiteg d'Ënnerschrëfte stellt bei Amendementer.

De Groupe technique wier vum Prinzip hir e Réckschrëtt vun der parlamentarescher Unerkennung vu gewielte Parteien, seet den Deputéierte vun déi Lénk, Marc Baum. 2014 wieren d'Rechter vu kleng Parteien nämlech gestärkt ginn. Déi Lénk géinge jiddefalls keng esou Magouillen agoen a verstinn net, firwat, datt d'Pirate sou Waasser an hire Wäi schëdden. Wa si esou wéineg Réckrat hätten, dass si sech an enger Presidentekonferenz vun engem Fernand Kartheiser géinge vertrieede loossen, dat géing vill iwwee hiert Politik-Verständnis aussoen. Deen Opportunismus, wou et méi oder manner egal wier, wien a wat si vertritt, mee wou et nëmme géing drëms goen, fir e bësse méi Suen ze kréien, wier e ganz schlecht Signal fir hir politesch Orientéierung, mengt de Marc Baum.

Datt d'Piraten an d'ADR sech elo inhaltlech bedeitend méi no kéimen, dat mengt hien awer net onbedéngt.

Leschten Update: 20.11.2018, 08:22:26

9 Commentaire(n)

E-Mail schécken

Printen

Recommend 25

Tweet

G+

Share

Links

AUDIO: "Groupe technique" - Deel 1/Reportage Pit Everling

AUDIO: "Groupe technique" - Deel 2/Reportage Pit Everling

Themen

Lëtzebuerg

Lëtzebuerg: Am meeschte gelies

Haut Gësch Dës Woch Lescht Woch

1. Déidlech Attack vum Juni 1997: 21 Joer nom Doud vu Sécherheetsbeamte bei der Concorde kënnt et zum Prozess
2. Invité vun der Redaktioun (20. November): Froe vu Kanner un de Grand-Duc
3. ADR a Piraten: Vill Kritik um Groupe technique
4. Prozess géint Schoulmeeschter: "Op Bëschzecken ënnersicht": Kanner tëscht Bee gaangen a gefilmt
5. VIDEO: Um Verwaltungsgericht: IRM net just am Spidol

E bëssen anescht gesäit dat den LSAP-Politiker Alex Bodry, dee sech och an dëser Saach ze Wuert gemellt huet. Fir hie sinn eng technesch an eng inhaltlech Zesummenaarbecht a bestëmmte Situatiounen schwéier vuneneen ze trennen.

Hie fënnt et jiddefalls gewot vun de Piraten, datt se dës Zesummenaarbecht aginn an dee Schrëtt sou séier gemaach hunn. Nodeems de Sven Clement nach no de Wale gesot hätt, et wéilt een net op de Wee vun engem Groupe technique mat der ADR goen, wier hien elo awer anerer Meenung. Dëst wier ee Schratt, deen dem Alex Bodry no wuel hätt misse besser iwwerluecht ginn, ewéi dat hei wuel de Fall war.

Déi technesch Kooperatioun kéint ganz séier eng politesch Dimensioun kréien, seet den Alex Bodry, fir deen et op alle Fall ganz speziell ass, datt en ADR-Deputéierten an der Conférence des présidents och als Stëmm vun de Pirate schwätzt. Dat wier dach awer bdenklech an et wier eng Entwécklung, déi den Alex Bodry perséinlech net glécklech fënnt.

Am Ufank hätt ee Bedenke wéinst Ënnerscheeder bei der politescher Ausriichtung gehat, seet de Sven Clement vun de Piraten, ma dee Bauchwéi hätt kënnen aus dem Wee geraumt ginn. No bausse visibel géing et deen technesch Grupp net ginn.

De Reproche, datt politesch Prinzipien iwwer Bord géinge gehäit ginn, léisst den nach jonken Deputéierten net gëllen, d'Zesummenaarbecht wier wierklech reng technesch. Wie béid Walprogrammer gelies hätt, dee wéisst, dass dës inhaltlech kaum iwwereneestëmmen an an deem Kontext géing hien d'ADR weiderhin als politesche Konkurrent gesinn. De Sven Clement ass awer der Meenung, dass dat, wat een elo gemaach hätt, vill méi transparent an éierlech géigeniwwer den eegene Wieler wier, ewéi dat, wat déi Lénk an d'ADR déi lescht 5 Joer gemaach hätten, nämlech sech géigesäiteg d'Amendementer ze ënnerschreien.

D'Reaktiounen an den eegene Reie wieren effektiv gemëscht gewiescht, esou de Piraten-Deputéierten. Ma et wier nu mol e risegen Avantage, datt een e Mataarbechter méi kéint astellen an esou eng besser parlamentaresch Aarbecht kéint maachen.



Sven Clement
@svnee

Sou wéi aner Parteien sech acharnéiere misst ee bal mengen se wiere mat de Koalitiounsverhandlungen net ausgelaascht. Firwat steet dann nach keng Regierung? Wahrscheinlech well d'Spill vun de Chaises musicales nach net ofgeschloss ass. Kee Wonner also datt munchereen gereizt ass

2 7:45 AM - Nov 20, 2018

[See Sven Clement's other Tweets](#)

LOCATION LONGUE DURÉE

La solution all-inclusive pour votre véhicule professionnel

ÇA M'INTERESSE



BGL
BNP PARIBAS
La banque d'un monde qui change